N°208
Entrée le 16.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 208 vum 19. Januar 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Firwat ginn d'Rechnungen esou gehandhaabt?*

Den éischte Grond firwat d'Dokteschrechnungen déi zesummen an enger Enveloppe verschéckt gi sinn, net onbedéngt zesumme veraarbecht ginn, hänkt mat der Tatsaach zesummen dass se innerhalb vun de Servicer vun der Gesondheetskeess (CNS) no Prestataire an no den applikabele Konventiounen am Aklang mam Artikel 61, Alinea 1 vum Code vun der sozialer Sécherheet, verdeelt ginn. D'Villfalt an d'Komplexitéit vun de verschiddenen Dossieren hu mat sech bruecht dass d'Personal vun de verschiddene kompetente Servicer vun der CNS huet missen deementspriechend spezialiséiert a forméiert ginn.

Den zweete Grond firwat d'Rechnungen déi zesummen an enger Enveloppe verschéckt gi sinn, net onbedéngt zesumme veraarbecht ginn, ass duerch d'Technik ze erklären. D'Rechnungen déi eng optesch Lecture erméigleche gi vun de Rechnunge getrennt déi handgeschriwwen Annotatiounen enthalen oder nach zousätzlech Dokumenter, déi eng manuell Veraarbechtung an Usproch huelen. Ma d'Veraarbechtung duerch déi optesch Lecture, wann se da méiglech ass, hellt manner Zäit an Usproch wéi déi manuell Veraarbechtung. Bei de Rechnungen déi vu weideren Dokumenter begleet sinn, mussen déi zoustänneg Servicer op déi manuell Veraarbechtung zeréckgräifen.

Mëttlerweil kënne bis zu 75% vun de Rechnungen duerch déi optesch Lecture traitéiert an innerhalb vun e puer Deeg rembourséiert ginn.

*2. Och wann de System vum Tiers payant ugelaf ass, huet d'Ministesch selwer an der Chamber ze verstoe ginn, dass et nach wäert dauere bis all Dokter dësen och wäert notzen. Wäert bis dohi weiderhin un enger Verbesserung vum traditionelle Remboursementsystem geschafft ginn?*

- *Wa jo, wat ass nach envisagéiert fir d'Liewe vun de Mataarbechter:innen vun der CNS ze vereinfachen an d'Delaien ze verkierzen?*

E Projet fir de Remboursement op nationalem Terrain ze beschleunegen ass vun der CNS initiéiert ginn a wäert a noer Zukunft ëmgesat ginn. Aus deem Grond, wäert en Informatiounsblat mat Piktogrammer bei den Detail vum Remboursement dobäi geluecht ginn, fir ze weise wéi een d'Demanden am beschten eraschécke soll. Dat soll mat sech bréngen, dass nach méi kann op déi optesch Lecture zeréckgegraff ginn a sou méi e schnelle Remboursement ka garantéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 16. Februar 2024

D'Ministesch fir d'Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez